LOUTRES NEWS



Juni / Juli Nummer 6/2018/2019

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

Preparatiounen fir eisen 50ten Gebuertsdag

Pow-Wow "Energie" den 7 Juli

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle :
"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

Loutres News N°06 2018/19

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Chefen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegen Drock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Mersch
Tel: 691631616

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Beaver Branche	LU03 1111 2051 4284 0000
Wellefchers Branche	LU98 1111 2051 4385 0000
Scouts Branche	LU94 1111 2051 4587 0000
Explorer Branche	LU92 1111 2051 4688 0000

LOUTRES SHOP:

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (50€)

Fro einfach bei dengen Chefen

Mir hun nei Jaketten nobestallt.

Summercampen 2020 zu...?

Wëllef:

Am Joer 1920 sinn déi éischt FNEL-Wëllefchersmeuten zu Lëtzebuerg entstaanen. Jo, dat ass schon eng laang a sëcherlech ganz flott Zäit, un där mir all e stéckwäit matgewierkt hunn. Fir dee ronnen Honnertsden dat nächst Joer ze feieren, hu mir wëlles e grousse **Centenairescamp fir d'Wëllefcher** aus dem ganze Land ze organiséieren.

Wéini? **Vum 18. - 24.07. 2020**
Wou? **Zu Déifferdéng bei der Schoul**

Scouten/Explorer:

Léif Scouten, en Federalen Camp an Aussiicht 2021, an en verlängerten Weekend dëst Joer ... do hunn mir Cheffen eis geduecht et wier mol nees Zäit zesummen op méi en groußen Camp an daat méi wäit eweg ze goen.
Wouhin ass nach bis elo geheim, mee dir kënnt Iech drop verloossen dat mer méi aussergewéinlech Saachen maachen an dëst op spektakulären Platzen.

Weider Detailer an Preziounen kommen bis spéitstens Ufank des neies Scoutsjoer am September fir dat der Iech och gudd kënnt op den Camp astëmmen.

Explorer:

2020 ass och een Europa-Jamboree a Polen fir Scouten tëscht 14 an 18 Joer.
Datum ass vum 27 Juli bis 6 August 2020 a Präis ca. 1000 Euro.
All weider Infoen fënns du hei: https://ej2020.sil.lu/
Als Grupp gi mir net op dësen Jamboree, du kanns dech awer als individuell Persoun umellen wanns de wëlls matgoen.

Beaver, Wëllefcher

Sortie an de Beetebuerger Park

Salut Beaver a Wëllef !

Lo wou Wieder besser ass maache mir zesummen Beaver an Wëllef eng Sortie op Beetebuerg bei de Ries.

Nierwt den Déieren däerfen Spillplazen an Spiller och net feelen.

Wéini:	**Samstes den 15. Juni 2019**
RDV:	um 10 Auer op der Mierscher Gare mat Foulard
Retour:	um 16:30 op der Mierscher Gare
Mathuelen:	klengen Rucksak mat Pic-Nic fir Mëttes, dem Wieder ugepassten Kleeder, Sonnecrème ?, genuch Gedrénks,
Präis:	17 Euro – des sinn op de RDV matzebréngen
Umellen:	bis den 12. Juni 2019 iwwert scouts-loutres.lu oder um 691631616 beim Vic

Lenks Patt

Deng Cheffen

Camp

Moien Wëllef !

Well dat 3. Trimester séier zu Enn geet a kee WE Plaz dra fond huet maache mer lo ganz zum Schluss nach e mini Camp.

Direkt no der Schoul geet et fort an dann hues de nach genuch Zait fir eng aner Vakanz.

Hoffentlech kanns du matgoen well dir wollt jo all nach zesummen e flotten laangen WE verbréngen.

Datum	**12-14 Juli**
RDV	Freides Owes um 18:10 op der Gare zu Miersch
Retour	Sonndes Nomëttes um 16:00 beim Home vun de Beggener Scouten 224, rue des 7 Arpents L-1149 Luxembourg
Mathuelen	Alles fir e WE: Schlofsak, Kleeder, Wäschsaachen, Gamelle, Becher, Kichenduch a Bidon, een weissen T-Shirt fir eng Bastel,
Präis	30 Euro sinn ze iwwerweisen op de Kont “Les Loutres Wëllefcher” LU98 1111 2051 4385 0000 mat der Mentioun WE 80 a “Numm vum Kand”
Umellen	bis den 8 Juli iwwert eisen Site

Et erwaart dech also nach vill Spaass, denk drun dech unzemellen fir näischt ze verpassen.

Scouten a Guiden

Sortie

Den Mëttelpunkt vum Land

Moien Scouten a Guiden

Fir eng Formatioun Leadership, hun ech Eric F. Eng flott Sortie organiséiert wou mir den Mëttelpunkt vum Land besiichtegen.

Wéini?:	**15.06.2019**
Treffpunkt:	**Um 10:00 Auer Moies beim Home vun den Loutres**
Retour:	**Um 16:00 Auer beim Home vun den Loutres**
Material:	**-Een Bidon**
	-Een Rucksak
	-Een Fotoapparat
	-Scoutsbichelschen
	-Dem Wieder ugepassten Kleeder
Präis:	**5 Euro sinn matzebréngen op den RDV**
Umeldung:	**bis den 11.06.2019 beim Eric Felten um Tel: 691 728 762**

Scouten a Guiden

Salut Alleguer, dësen Summer maachen mir keen groussen Camp (do muss der bis 2020 warden...) mee duerfir maachen mir en verlängerten Weekend am Thema „Back to Nature“ wou mer mer mat villen Aktivéiten an der Mariendallgéigend néi Saachen zesummen endecken waerten.

Weini ?
Rdv Freides den 12.7.2019 um 18:00 zu Miersch op der Gare
Zereck sinn mir dann den 14.7.2019 um 17:00 zu Miersch op der Gare

Mathuelen ?
Gezeih (dem Wieder ugepasst), Biergschong, Wäschtrousse, Ennerwäsch, Strëmp, Gamelle, Besteck, Kichenduch, Bidon, Täschemesser, Scoutsbichelchen, Schloofsaak, Carrymatt, gudd Laun an waats du sos nach esou brauchs...

Prais?
25€ sinn bis den 7.7.2019 op den Scoutskont CCPL **LU94 1111 2051 4587 0000** mat der Mentioun „WE Nature + Numm vum Kand“ ze iwwerweisen.

Umellen?
Mëll dech w.e.g. bei engem vun dengen Cheffen bis den 5.7.2019 un.

Lénks Patt, är Cheffen

Carissia Demoutiez CT	691 727 569	cdemoutiez@gmail.com
Jennifer Vosman CT	621 662 114	jenny_vosman@hotmail.de
Pierre Prickearts ACT	621 738 748	prickp@hotmail.de
Désirée Tousch ACT	621 400 732	desiree.tousch@gmail.com
Claire Merenz ACT	661 929 592	claire.merenz@hotmail.com

NATIONALFEIERDAAG

Salut alleguer

De lëtzebuerger Nationalfeierdag dee kennt dir alleguert. Dest Joer as den Virowend Samstes dofir sin **Mëttes keng Versammlungen, mee Owes si mir mat dobai.**

RDV: **den 22. Juni um 19:00 beim neien Futtballsterrain** zu Miersch an **Uniform a Foulard** (d'Beaver dinn hieren bloen Plover oder Loutres T-Shirt un.)

Zréck: Deng Elteren fannen dech um Freicola rëm, wou se bestëmmt och hikommen. (ca. 20:30)

Umellen muss de dech net, mä mir zielen op deng Präsenz den Daag selwer.

Ofschlossversammlung

Moien Beaver, Wëllefcher, Scouten, Guiden an Explorer,
d'Schouljoer geet op en Enn zou an domat och d'Scoutsjoer.
Virum Pow Wow loose mer d'Joer mat enger mei flotter Versammlung ausklëngen.

RdV.: **Samschdes, den 29. Juni um 14:00 beim Home**

Zréck: Samschdes, den 29. Juni um 16:00 beim Home

Matbréngen: Dot Gezei un wat knaschteg kann ginn, et ass sécher net verkéiert. Vergies net bei waarmem Wieder den Maillot resp. d'Schwammbox drënner unzedoen fir prett ze sinn fir Waaserspiller. Bréngt och frëscht Gezei (och Strëmp!) mat.

Mat beschten Scoutsgréiss,
d'Cheffenequipp vun den Loutres

Pow-Wow FNEL zu Munneref

Dëst Joer ass de FNEL's Pow-Wow, wou sech d'Scouten aus allen FNEL's Gruppen aus dem Land treffen, bei de Munnerefer Mais zu Munneref (Mondorf), déi dëst Joer hieren 10-järegen Jubiläum feieren. Bei daer Gelegenheet kréien si och hiert neit Home um Site "Badboeschelchen".

Thema vun dësem Joer ass wéi et am Titel ze liesen ass Power, also alles ronderëm Energie. Reservéiert iech elo schons de 7ten Juli 2019 fir des mega Aventure mat coolen Aktivitéiten.

Wéini an wou: den **7. Juli 2019**

Rdv Départ: 08:30 Auer zu Miersch op der Gare

Rdv Schluss: 16:45 Auer zu Miersch op der Gare

Präis: **6€** iwwerweisen bis spéitstens den **15. Juni 2019** op de Compte LU97 1111 0731 7537 0000 vun Les Loutres Mersch mat der Mentioun „Pow-Wow 2019 +„Numm vum Kand".

Umellen bis de selwechten Datum iwwert eis Web Säit.

Material: Tiptop Uniform, Foulard, dem Wierder ugepassten Kleeder, klenge Rucksak mat **Pic-nic**, Bidon mat Waasser, Becher, Kap, Sonnecrème an dem Wëllefchen senge 5 Saachen).

Save the Date

Lénks Patt

Är Cheffen